



Dépôt: GOERGEN Marc

Heure d'actualité relative aux violences gynécologiques et obstétricales

Lëtzebuerg, den 07/07/2022

5

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- Lëtzebuerg huet 2015 d'Konventioun vun Istanbul vum Conseil de l'Europe iwwert d'Preventioun an de Kampf géint d'Gewalt géint Fraen an d'haislech Gewalt ënnerschriwwen;
- De Groupe de Travail "Santé de la Femme" vum Ministère de la Santé huet 2021 Recommendatiounen eraus ginn, wéi Gewalt am Zesammenhang mat gynekologeschen Ënnersichungen an der Gebuert soll verhënnert ginn, woubäi de Fokus vun de Recommendatiounen kloer um Gebuertsvergang läit;
- Aktuell ginn et keng detailléiert Recommendatiounen, déi sech spezifesch mat der Vermeidung vu Gewalt bei gynekologeschen Ënnersichungen vu besonnesch vulnerabel Gruppe beschäftegen (z. B. trans* Persounen, lesbesch Fraen, jonk Fraen oder Fraen aus Kulturkreesser, wou medezinesch gynekologesch Ënnersichungen net routineméisseg gemaach ginn).

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. an Zesummenaarbecht mam Groupe de Travail "Santé de la Femme" all déi Gruppen ze ermëttelen, déi als besonnesch vulnerabel kënnen ugesi ginn, wann et drëms geet, Gewalterfarunge bei gynekologeschen Ënnersichungen ze maachen;
2. de Groupe de Travail "Santé de la Femme" ze invitéieren, Recommendatiounen auszeschaffen, fir Gewalt vis-à-vis vun dese Gruppen bei gynekologeschen Ënnersichungen ze vermeiden.

Marc Goergen



www.piraten.lu